adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
31 OCT. 2019
1417

Lëtzebuerg, den 30. Oktober 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister an un den Här Transportminister weiderzeleeden.

Op eenzele Plazen am Land, virun allem a méi klengen Dierfer, ass et heiansdo extrem schwiereg, de Schoultransport a bestëmmte Gebaier ze organiséieren. Et ass awer unzehuelen, datt d'Regierung weder wëll déi Leit benodeelegen, déi am ländleche Raum wunnen, nach de Kanner a Jonken an deene Gebitter et schwéier oder esouguer onméiglech maachen, fir déi Schoul ze besichen, déi hirem schoulesche Parcours am beschten entsprécht an déi hir gewielte Formatioun och ubitt.

Dowéinst wollt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Wéi dacks gëtt d'Regierung mat Ufroe konfrontéiert, déi Problemer mam Schoultransport uginn, besonnesch aus dem ländleche Raum?
2. Gëtt et am Schoul-oder am Transportministère e Koordinatiounsservice fir d'Organisatioun vum Schoultransport, un dee betraffe Leit sech kënnen adresséieren?
3. Huet d'Regierung Méiglechkeeten an de Wëllen, fir punktuell Problemsituatiounen op eng flexibel Manéier unzegoen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

**Réponse commune de Monsieur François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics et de Monsieur Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire n° 1417 du 30 octobre 2019 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser**

Mat der parlamentarescher Fro Nummer 1417 wollt den honorabelen Deputéierte Fernand Kartheiser sech iwwert de Schoultransport informéieren.

1) Während dem ganze Joër ass souwuel den Transportdépartement vum Mobilitéitsministère wéi och den zoustännege Service vum Schoulministère mat Problemer am ëffentlechen Transport souwéi am Schoultransport confrontéiert. Besonnesch zur Schoulrentrée am September huelen fir de Schoultransport d'Demanden zou. Dat betrëfft de ländleche Raum, awer och de städteschen. All Problemer ginn d'selwecht behandelt.

2) Am Transportdépartement ginn all d'Demandë vun der Direktioun ëffentlechen Transport beaarbecht. Et bestinn regelméisseg Kontakter zu de jeeweilege Schouldirektiounen an zu der Kontaktpersoun am Schoulministère. Nieft de regelméissege Réunioune ginn och kuerzfristeg Terminer ausgemaach, fir akut Problemer schnell a flexibel ze léisen. Un dëse Réuniounen huelen des Ëfteren och Lycéesdirekteren deel. Souwuel de Schoulministère wéi och d'Lycéeë ginn deelweis direkt vu Privatpersoune kontaktéiert. All Meldung bei enger Schouldirektioun gëtt un de Mobilitéitsdépartement weidergeleet, meeschtens iwwert d'Kontaktpersoun am Schoulministère. All telefonesch oder elektronesch Reklamatioun am Schoulministère selwer gëtt selbstverständlech och direkt un de Mobilitéitsdepartement weider geleet.

3) An de leschte Joren, am Moment an och an Zukunft, gëtt am Schoultransport gekuckt fir esou séier ewéi méiglech ze reagéieren, dofir gëtt de Schoultransport och an Zukunft als eegene Busréseau behandelt. Trotzdem ass net all Demande ze realiséieren. De Schoultransport ass en Deel vun der Offer am ëffentlechen Transport déi ob eng spezial Demande ausgeriicht ass, ma et ass kee "Service individuel".